N°6694
Entrée le 22.08.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 22.08.2022

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22. August 2022

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Ekonomieminister, d'Madamm Finanzminister an den Här Verkéiersminister weiderzeleeden.

De 26. Juli huet de CEO vu Luxport um Radio 100Komma7 en Interview ginn, an deem hien ënner anerem op d'Benodeelegung duerch d'Muselkanaltax agaangen ass, déi fir d'Schëfffaart an der Groussregioun en zousätzleche Käschtepunkt bedeit.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1) Wéi positionéiert d'Regierung sech zu enger méiglecher Ofschafung vun der Muselkanaltax? Steet d'Regierung an deem Sënn am Austausch mat deenen aneren Anrainerstaaten?
2) Kann d'Regierung matdeelen, wéi vill Suen d'Muselkanaltax an de Joren 2013 bis 2021 jeeweils am Staatsbudget ausgemaach huet?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

N° 6694
Entrée le 22.09.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten a vum Finanzminister op d'parlamentaresch Fro n° 6694 vum 22. August 2022 vum Här Deputéierten Jeff Engelen.

Ad. 1)

Den Regierungsprogramm gesäit Folgendes zu dem Sujet vun den Muselpéagen fir : « *Le Luxembourg suivra l'abolition projetée des péages sur les voies fluviales allemandes et accompagnera favorablement dans la Commission de la Moselle une éventuelle simplification ou abrogation du régime des péages mosellans.*»

An deem Kontext ass Lëtzebuerg am konstanten Austausch mat den Vertrieder aus den Länner Däitschland an Frankräich, also den Parteien vun dem Vertrag vum 27. Oktober 1956 zwëschen der Bundesrepublik Däitschland, der Franséischer Republik an dem Groussherzogtum Lëtzebuerg iwwert d'Scheffbarmachung vun der Musel, deen den rechtlechen Kader fir d'Péagen op der Musel festleet, fir di neideg Schrëtt fir eng Ofschafung oder eng Vereinfachung vun den Muselpéagen gemeinsam emzesëtzen.

Ad. 2)

D'Muselpéagen gi all Joer no engem an dem Muselvertrag an den Artikelen 19 an 20 fixéierten Schlëssel vun der Muselgesellschaft un di drai uewegenannten Memberstaaten, op der Basis vun den tatsächlech erhuewenen Péagen a relatioun mat den jeweils ugefalenen Käschten rembourséiert.

Lëtzebuerg huet no deem Schlëssel folgend Beträg (an Euros) tëscht 2013 an 2021 als Recetten konnte verbuchen:

	2013	**2014**	**2015**	**2016**	**2017**	**2018**	**2019**	**2020**	**2021**	**Total (2013-2021)**
Personal-käschten	1.055.668	1.061.289	1.095.802	1.031.131	1.102.552	1.072.414	1.037.851	1.033.180	1.020.671	**9.510.558**
Forfait d'entretien	315.912	264.213	120.295	38.893	87.762	0	51.017	0	0	**878.093**
Total	**1.371.580**	**1.325.503**	**1.216.096**	**1.070.024**	**1.190.314**	**1.072.414**	**1.088.869**	**1.033.180**	**1.020.671**	**10.388.650**

Lëtzebuerg, den 22. September 2022

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch